



Luxembourg, le 9 juin 2020

**REÇU**

Par Aiff Christian , 10:54, 09/06/2020

**Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec  
le Parlement**

**Service Central de Législation  
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°2150 du 6 mai 2020 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant le contournement de Hoscheid-Dickt, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch  
Ministre de la Mobilité  
et des Travaux publics**

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch, op d'parlamentaresch Fro n°2150 vum 6. Mee 2020 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen bezüglech der N7 op der Houschter-Déckt**

Fir d'Foussgänger an der Houschter-Déckt besser ze schützen si schonn an der Vergaangenheet Mesurë geholl ginn, an zwar sinn do geséichert Iwwergäng mat enger Mëttelinsel speziell fir d'Foussgänger amenagéiert ginn. Weider Mesurë si momentan op där Plaz net virgesinn, an et sinn do och keng weider Problemer bekannt.

Den aktuelle Stand vum Contournement Housen gesäit esou aus datt d'Ëmweltëtüden an déi geotechnesch Etüden ofgeschloss sinn. Dëst Joer nach ginn déi archeologesch Etüden an eng Sich no Iwwerreschter vum zweete Weltkrich gemaach. Den "avant-projet de loi" gëtt viraussiichtlech Enn Juni ob Basis vum "avant-projet détaillé" presentéiert.

Beim Projet vum Contournement Hengescht gëtt den "avant-projet sommaire" dëse Summer fäerdeg gestallt. Zousätzlech ginn dëst Joer nach akustesche Etüden an Ugrëff geholl.

Wat den Ausbau vun der N7 tëschent dem Fridhaff an der Wemperhaart betrëfft, ass ze soen datt dëst Joer am Summer den "avant-projet" presentéiert gëtt als Basis fir den noutwennegen "projet de loi". Am Kader vun dësen Sécherheetsmoosnamen ass keen Contournement fir d'Houschter-Déckt virgesinn.

De "projet de loi" fir den Ausbau vun der B7 ass och an AUSAARBECHTUNG a wäert kënnen am Hierscht presentéiert ginn.

Laut Artikel 2 aus dem Code de la Route, ass eng Lokalitéit definéiert duerch "espace de fonds bâtis comprenant au moins dix maisons d'habitation rapprochées et disposant chacune d'au moins un accès individuel à la voie publique; les limites de l'agglomération sont constituées par le premier et le dernier groupe de trois maisons qui sont distantes les unes des autres de moins de 100 mètres; ces limites sont indiquées par les signaux E,9a et E,9b placés conformément à l'article 108 à l'entrée de l'agglomération à moins de 100 mètres de la première et de la dernière maison ayant un accès individuel à la voie publique, dans la mesure où la configuration des lieux le permet; les lieux-dits qui répondent aux critères qui précèdent sont assimilés aux agglomérations".

Et ass richtig, datt d'Houschter-Déckt laut dem Code de la Route duerch den Ausbau an de leschte Joren als Lokalitéit betruuecht ka ginn. Dee Moment géif d'Geschwindegkeet op 50 begrenzt ginn.